A M I C A L E des Enrôles de Force
Victimes du Nazisme

1940 - 1945

Section du Nord
Siège : Clervaux

# S T A T U T E N

## Benennung, Sötz an Zweck

Art. 1 Oenner der Bezéchnung "Amicale des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme 1940 - 1945 , Section du Nord, " ass eng Amicale vun déne Letzeburger gegrönnt gin, de' de Johrgäng 1920 bis 1927 ugehe'ren. Member können all de' jéneg gin, de' zwangsrekrute'ert gouwen entweder zum RAD, KHD, SHD, Heimatflak oder zur Wehrmacht an dénen hiert Behuelen am Krich einwandfrei a kritiklos war. Grad esou ka jidferén Member gin, dén déserte'ert huet oder sech vun Ufank un op ége Gefôr a Käschten de Mesüren vum Okkupant entzung huet. D'Elteren vun déne gefâlenen, gestuerwenen a vermösstenen hei vierdrun opgezieltene Letzeburger können der Amicale beitrieden.

Art. 2 Der Amicale hieren Zweck ass et, d'Undenken un de' gefâlen a vermösste Komerôden wâchzehâlen, öffentlich fier hier E'er anzetrieden a fier den Zwangsrekrute'erten hier moralesch a materiell Interessen am Inn- an am Ausland ze verdédegen.

Art. 3 D'Amicale ass fier eng onbegrenzt Zeit zesummegesât, kann awer jidferzeit opgele'st gin.

Art. 4 De Sötz vun der Amicale ass zu Klieref.

## Memberen .

Art. 5 D'Zuel vun de Memberen ass onbegrenzt. Si darf awer nöt manner we' 9 gin. De' e'ischt Comitésmemberen vun der Amicale sin Oennerzéchner vun desem Akt. D'Amicale setzt sech zesummen aus

1. Effektive Memberen ; 2. E'erememberen ; 3.Membres méritants

Art. 6 All Letzeburger ka Member gin, dém sei Behuelen während der Okkupatio'nszeit 1940 - 1945 nöt ze kritize'ere war, oni Oennerschéd vu Rang a Geschlecht, vun politescher, konfessioneller oder weltanschaulecher Iwerzégung, wann hien d'Konditio'nen vum Art. 1 erföllt an am Besötz ass vun sengen zivilen a politesche Rechter.

Art. 7 Membres méritants sin :

1. D'Elteren vun all dénen Letzeburger, de' fier d'Hémecht gestuerwe sin,
2. D'Elteren vun all dénen Letzeburger, de' nach vermösst sin,
3. De' Persounen , dénen d'Enrôlés zu Dank verpflicht sin.

Art. 8 E'remember a "Membre donnateur" kann all e'erbare Letzeburger gin.

Art. 9 Opgeholl an d'Amicale ass jidferén, dén sech bei engem Member vum Comité möndlech oder schröftlech umellt. De Comité kann zu jidfer demande, wann en et fier ne'deg fönnt, de' ne'deg

"pièces à l'appui et justificatives" verlângen.

Art. 10 De' effektiv an d'E'erememberen bezuelen all Johr eng Cotisatio'n, de' vun der Generalversammlung festgeluegt gött.

## Verloscht vun der Memberschaft.

Art. 11 All Member kann den Austrött aus der Amicale verlângen duerch e Schreiwes un de Comité.

Art. 12 D'Egenschâft als Member gôt verluer :
a) Duerch Démissio'n (Art. 11) ;
b) Duerch Ausschloss, nodém hien gehe'ert gin ass ;
c) Duerch Nötbezuelen vun der Johrescotisatio'n.

Art. 13 Jidfer Member önnerstét déne vierleiende Statuten an dârf neischt önnerhuelen, wât der Sâch vun der Amicale oder senge Membere schuede kann. E Member, dén ge'nt des Bestömmung verste'sst, kann duerch Generalversammlung mat einfacher Majorite't ausgeschloss gin, nodém dat hie gehe'ert gin ass.

Art. 14 Ausgetrueden oder ausgeschlosse Memberen, d'Ierwen, de' légal Vertrieder, oder d'Rechtsnofolger vun de verstuerwene Memberen hu kén Urecht op de Gesellschaftsfong. Sie können weder de' abezuelte Cotisatio'nen, en Extrait aus de Kontebicher, nach en Inventaire reklame'ren. Gradesouwe'neg können de' hei vierdrun opgezielte Perso'nen d'Liquidatio'n vun der Amicale verlângen.

## Administratio'n.

Art. 15 D'Amicale göt gelét vun engem Komitee, dén zesummegesât ass aus 1 President, 1 Vizepresident, 1 Sekrétär, 1 Sekrétär adj., 1 Késsier a 4 Assessoren.

Art. 16 De Comité göt an der Generalversammlung fier 2 Johr gewielt. D'Chargen verdélt de Comité önnert sech.

Art. 17 D'Kandidaturen fier de Comité mussen 3 Dég am viraus beim President schröftlech ugemellt gin. Kandide'ren darf all Member. D'Memberen vun dem austriedenden Comité können erömgewielt gin.

Art. 18 Beim Wielen entschéd d'einfach Majorite't. Sin zwé Kandidaten stömmegleich, göt fier d'zwét ˜ôfgestömmt. Ass d'Resultat dât selwecht, entschéd d'Lous.

Art. 19 All Comitésmemberen schle'ssen sech automatesch vum Comité aus, wann se op parteipolitische Wahllöschten fier d'Chamber kandide'ren.

Art. 20 De Comité huet all Vollmachten, de' nöt extra der Generalversammlung oder de Statuten réserve'ert sin. E vertrött d'Amicale duerch d'Oennerschröft vum President an der Oennerschröft vum Sekrétär resp. vum Késsier. De President oder de Vizepresident vertrieden d'Amicale an der Oeffentlechkét. Si preside'ren all Generalversammlung a Comitéssötzung. Si dirige'ren d'Sötzungen an uechten op d'strikt Befollegen vun de Statuten.

An de Generalversammlungen oder de Comitéssötzungen erdélt de President d'Wuert. De Sekrétär verfâsst all Berichter an Akten vun der Amicale. Hien fe'ert d'Membrelöschten a versuergt den Archiv vun der Gesellschaft. De Késsier bére'ert d'Fongen vun der Amicale, encaisse'ert d'Cotisatio'nen a fe'ert doriwer Komptabilite't. An der Generalversammlung muss hien e Késrapport mat de Beléger vierléen. Hien dârf nömme bezuelen op Uerder oder mam Averständnis vum President.
d'Memberen vum Comité können nöt perse'nlech haftbar gemâcht gin fier d'Amicale.

Art. 21 D'Décisio'nen am Comité gin no der Majorite't vun de Stömmen ergraff. Bei Stömmegleichhét göt fier d'zwét ôfgestömmt. Ass d'Resultat nach selwecht, dann entschéd Stömm vum President.

Art. 22 De Comité könnt esou dax zesummen, we' et ne'deg ass.

Art. 23 De Comité ass nömmen beschlossfäeg, wann en a senger Majorite't vertrueden ass.

Art. 24 D'Résolutio'nen an de Rapport vun der Generalversammlung gi vum Sekrétär an engem Spezialregeschter ne'ergeschriewen, vun alle Comitésmemberen signe'ert a vum Sekrétär versuergt. Dese Regeschter kann vun alle Memberen vun der Amicale agesin gin. All Johr gin an der Generalversammlung zwé Késrevisore bestömmt, de' nöt dem Comité ugehe'ren därfen.

Art. 25 D'Generalversammlung fönnt all Johr statt.
Si ka verbonne sin mat enger "Journée Commémorative". Si göt 10 Dég am vieraus an der Press annonce'ert, oder d'Membren gin duerch Zirkulär averte'ert.

Art. 26 D'Amicale lét we'negstens all 3 Johr e Kranz oder eng Gerbe ne'er beim Monument aux Morts zum Gedenken un de' gefâlen Komerôden. Desen Dâg muss âwer nöt onbedengt mat der Generalversammlung zesummenfâlen. D'Memberen gin averte'ert we' fier d'Generalversammlung.

## Jährleche Kont a Büdget.

Art. 27 D'Gesellschaftsjohr fängt den 1. Januar un an schle'sst den 31. Dezember. De Comité önnerbréd der Generalversammlung de Kont vun de Recetten an den Dépensen. Den éventuellen Iwerschoss vun de Konten göt an d'Reserve verse'ert.

## Oemännerung vun de Statuten.

Art. 28 Oemännerungen vun de Statuten können nömmen an der Generalversammlung viergeholl gin. All Oemännerung muss mat 2/3 vun de Stömmen ugeholl gin. Vierschle' fier Oemännerungen mussen 8 Dég virun der Generalversammlung schröftlech beim President vierleien.

## Relatio'nen mat âneren, ähnlechen Organisatio'nen.

Art. 29 D'Amicale önnerhällt fröndschaftlech Relatio'nen mat âneren Organisatio'nen vun ähnlechem Charakter, wann se nöt der Arbecht vun eiser Gesellschaft entge'nt wierken.

## Ople'sung a Liquidatio'n .

Art. 30 D'Oplé'sung vun der "Amicale des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme 1940 - 1945, Section du Nord" kann nömmen beschloss gin, wann am dém Sönn eng Generalversammlung ageruff göt, conforme no de Vierschröften vum Art. 20 Gesetz vum 21.4.1928 iwer "Associations sans but lucratif".

Art. 31 Am Fall wou d'Amicale sech ople'st, égal aus wât fir Ursaachen, göt d'Verme'gen, nôm Bezuelen vun de Scholden, dem Bureau de Bienfaisance vum der Gemeng, oder engem ähnleche Wierk iwerwisen.

| | | |
|---|---|---|
| President | : | LEINER René, Heinerscheid |
| Vizepresident | : | BRAQUET Joseph, Weiswampach |
| 1 Sekretär | : | BRACONNIER Henri, Clervaux |
| Sekretär adj. | : | MORN Jean, Troisvierges |
| Késsier | : | WAGNER Pierre, Clervaux |
| Assessoren | : | STECKER Georges, Heinerscheid |
| | | HENS Edy, Heinerscheid |
| | | HAAS Martin, Hupperdange |
| | | THEIS Victor, Binsfeld |

Jos Braquet

Theis Victor

Stecker Georges